Allocution 2018

Léif Memberen vun Amitié Am Sand Amizero asbl
Léif “Nach-Giedelen a Pätteren” vu Kanner aus der Schoul Amizero a léif Donateuren
Dier Dammen an dir Hären aus dem Scheffen- a Gemengeroot vun der Gemeng Nidderaanwen, a Vertrieder vun de verschiddenen Kommissiounen,

Léif Memberen vun der Association des Parents d’élèves a léif Elterevertrieder,
Léif Kolleegen aus der Schoul Am Sand

Am Numm vun eiser ONG Amitié Am Sand Amizero wëll ech iech all häerzlech op eiser AG 2018 begréissen a fir är joerelaang Ënnerstëtzung Merci soen.

Ech wollt vun dëser Geleegenheet profitéieren, fir Auszich aus engem Gedicht mat iech zu deelen well dës Wieder gëlle jidderengem, deen eis ONG an de läschte Joeren vu no oder vu wäit ënnerstëtzt huet.

„L’amitié est une science qui est enseignée par les vrais amis
Solidarité est un mot qui vous est très cher
Et qui honore votre conscience.
Mille Merci à vous.
Avoir un ami comme vous calme les inquiétudes et donne l’espoir à la vie »

(extrait du poème lu par les élèves du CS Amizero lors de la cérémonie de clôture du 19/07/2017)

Am Juli 2017 ware mir mat enger Délégatioun vun 10 Leit an de Rwanda gereest, 2 Gemengeconseilleren, den Här Conny van der Zande, deen sech haut den Owend huet missen entschëllege loossen an den Här Régis Moes, eise gesamte Comité an eng Koppel Frënn vun der. 2 cofinanzéiert Projet’en hu mir kënnen ofschléissen an mir hunn de Suivi vun engem neie Projet gemaach.

„Vous nous avez aidés dans ce monde qui change
Aide gratuite sans attendre de retour
Merci pour ces immeubles qui nous abritent sans bruit
Et qui nous donnent le bonheur que vous lisez sur nos visages »

Et war nees eng Rees gefëllt mat beweegenden Andréck, villen Emotiounen, an onvergiessleche Kannergesiiter, a sou wéi d’Gedicht ët seet, hu mir kënnen duerch d’Freed op hire Gesiiter nei Energie tanken.

Donner l'espoir à la vie!

Dee Satz aus dem Gedicht huet mir d'Ausmoosse vun eise Projeten nees sou richteg bewosst gemaach… Et si net nëmmen e puer Zillen a Wellblechplakken di zesummegesaat ginn, mee Bausteng fir eng Zukunft voller Hoffnung fir seleche Kanner. De Rwanda ass sëcher keen ongeschriwwen Blat am Buch vun der Verzweiflung an der Trauer, an dohier ass et emsou méi ergräifend, wann d'Kanner eis soen, datt si hoffnungsvoll an d'Zukunft kucken.

Am Numm vun eiser ONG ass d'Wuert „Amizero" „Hoffnung", wat de Numm vun der éischter Schoul war, déi mir ënnerstëtzt hunn. Dobäi wier ech bei engem weidere wichtege Punkt op eisem Ordre du jour:

An läschter Zäit ass vermehrt de Wonsch geäussert ginn, fir de Numm vun eiser ONG ze änneren, datt e méi eis Aktiounen eremspiggele kéint, déi sëch jo lo op méi wéi eng Schoul ausbreeden. Mir hunn awer nach keng präzis Alternativ deelweis well et och schwéierfällt esou e Wuert ewéi „Hoffnung" aus dem Numm erauszeloossen. Mir op jidde Fall!

➔ ***Foto Ombres des Musungu***

Op der Cérémonie d'inauguration vun eisem zweete Projet zu Nyundo den 20.07.2017. huen d'Schoulkanner eis e witzege Sketch virgespillt:

Mir gesinn eng Schoulklass voller Schüler, a plötzlech kënnt eng Hickegt Leit, gespillt vun de Schoulkanner, mat Sonnebrëller, Poschen, Smartphones an IPads, déi sech ëmkucken, sech emerveilléieren an unaufhaltsam knipsen a filmen.
Mir, d'Musunguen" (Sou gi mir, di „räich" Ressender am Rwanda genannt) hunn eis natiirlech um Buedem gerullt vu Laachen iwwert dës Karikatur bei där mir eis direkt eremerkannt hunn.

An well awer all Karikatur och e Fonke Wourecht enthält, weisen ech iech dëst Bild vun enger „neier" Schoul, déi den Inspecter eis dëst Joer gewisen huet,well si dréngend op eis Hëllef ugewisen ass. Mat „nei" mengen ech nët rezent mä nei fir eis…

Ech hunn dës Foto geknipst an eréischt doheem ass mir d'Symbollik vun eise Schieter bewosst ginn… L'ombres des Muzungu" … op dëser Foto ass dëst gutt ze erkennen. Mir kommen, kucken eis d'Situatioun un, knipse, wéi am Sketch vun de Kanner an décidéieren dann ob mir kënnen hëllefen. An dës Décisiounen hannerloosse Spuren an hun déifgräifend Konsequenzen.

Konsequenzen op d'Kanner, déi vun eise Projete profitéieren, awer och op hier Familjen, hiert Emfeld.

Ronn 2000 Kanner profitéire vun de gemeinsame Projete am Rwanda, a wéivill Leit sinn dat dann héichgerechnet op hier Communautéit?

An engem anere Gedicht vun de Kanner steet: „There are many ways in which „AmSand" people (i.e. mir) showed love not only for the children but also for the people they stay with".

Bleiwend Andréck a Spuren hannerloossen eis Projeten awer och op eis…

➔ ***Foto Ombres des Musungu***

Op der Cérémonie d'inauguration vu Nyundo war och nees deen éischte Schoulmeeschter aus där Schoul, en ale Mann, dee mech schonns 2014 immens beréiert hat. Wéi stolz war hien ze gesinn, wéi „séng" Schoul sëch entwéckelt huet, an datt Generatioune no him d'Kanner eng besser Zukunftsperspektiv kéinten erliewen. Dës Foto schwätzt fir sëch…

E Bekannten aus dem Rwanda sot mir an dëser Zäit vun de Commémoratioune vum Génocid: „Nous on est détruits, il faut vivre avec mais ce sont nos enfants qui changeront le monde"

D'Hoffnung, datt trotz all deem wat passéiert ass, op d'Zukunft

D'Véronique Tadjo schreiwt a séngem Buch: „L'ombre d'Imana-Voyage au bout du Rwanda : « Je ne suis pas guérie du Rwanda. On n'exorcise pas le Rwanda. La vie finit par reprendre le dessus. Comprendre. Disséquer les mécanismes de la haine. Les paroles qui divisent. Les gestes qui enclenchent la terreur. Comprendre. Notre humanité est en danger. »

« Donner l'espoir à la vie! »

Wann dëst d'Friichte vun eise Projete sinn, da sinn ech dankbar dofir, e klengen Deel dozou bäigedroen ze hunn.

« Le bonheur que vous lisez sur nos visages »

Wann dëst eis Belounung ass, war ët all Méih wert.

Iech dofir, datt dir dës Projete méiglech maacht, e grousse Merci dofir!